Präsidium

Lëtzebuerger Jongbaueren a Jongwënzer a.s.b.l.De PräsidiumDe Präsidium vun de Lëtzebuerger Jongbaueren a Jongwënzer setzt sech zesummen aus 12 Memberen, déi am Nationalkomitee vun de LJB & JW vetruede sinn. Si versammelen sech zwee bis dräimol am Mount a bespriechen ënner anerem aktuell agrarpolitesch Entwécklungen op nationalem an europäeschem Plang. Si huele Stellung a schaffe Verbesserungsvirschléi aus. Doniewend sti regelméisseg Treffen mat de berufsspezifeschen Verwaltungen a Ministerien um Programm. Deen enke Kontakt zu de landwirtschaftleche Schoulen ZespoBu SzkóB Rolniczych an dem Zentrum fir praktesch Ausbildung KsztaBcenia Praktycznego vu w Pszczelej Woli a Polen erméiglecht et jonke polnesche Studenten zenter Joren e Praktikum an engem Lëtzebuerger Betrib ze maachen. Zu de weidere Missiounen vun dësem wichtege Gremium zielt d'Coordinatioun vun den Aktiounen vun deene verschiddenen Aarbechtsgruppen: Agrarpolitik, Emwelt, Zuucht. De Präsidium ass duerch d'Statuten verpflicht dem Nationalkomitee regelméisseg e Bericht iwwer seng Aktivitéiten virzeleeën an e jährleche Rapport d'activité op der Generalversammlung ze presentéieren.